



## NEWSLETTER MEE 2022



### Léif Frënn vun der Minett UNESCO Biosphere,

D'Fréijoer ass déi beschten Zäit fir déi eenzegaarteg Natur vun der Minett UNESCO Biosphere z'entdecken.

An den nächste Wochen invitéiere mir dowéinst op interessant Ausfluch an d'(urban) Natur vun eenzege Lëtzebuergesche Biosphäreservat. Atelierien, déi elo propper presentéiert an eise **neien Agenda** ze fanne sinn. Sollt d'Wieder een éischer dobannen halen, da proposéiere mir iech nach emol déi **éischt Saison vun eise Podcast**, „Minett Mash-Up“ bequeem vun der Fotell aus ze genéissen.

Dir kënt dann och elo scho kucke goen, wou **déi beschte Bongerten am Minett** ze fanne sinn, fir an den nächste Méint gratis dohinner plécken ze goen. A fir nuetsaktiv Déieren ze schützen, maache mir als Minett UNESCO Biosphere och op de **Probleem vun der Lichtverschmutzung** opmierksam.

Dat sinn d'Sujete vun eiser aktueller Newsletter am Resumé. Méi Informatiounen iwwert d'Minett UNESCO Biosphere gétt et zu all Ablack an de soziale Medien an op eise Website. Vill Spaass beim Liese vun Newsletter a beim Entdecke vun eiser Regioun.

**Är Equipe vun der Minett UNESCO Biosphere.**

## DEN AGENDA VUN DER BIOSPHÄR



Pénktlech fir dat bessert Wieder hu mer den **Agenda** op eise Website komplett iwwerschaaft. Dir fannt, vun elo un an **op ee Bléck**, all d'Aktivitéiten, déi vun der Minett UNESCO Biosphere an hire Partner organiséiert ginn. All dës Manifestatiounen sinn a bleiwe gratis fir jiddereen.

Mat engem einfache Klick kann een awer och nach ëmmer all d'Manifestatiounen an der Regioun op eise Site erméissen. Esou sidd dir **sécher, datt dir kee klengt oder groust Evenement** am Joer vun der Europäescher Kulturhauptstad Esch2022 verpasst.

**ALL D'MANIFESTATIOUNEN AM IWWERBLÉCK**

## VUN APEL BIS KIWI



Déi zweet Editioun vun der Aktioun **„Gielt Band – Hei dierft Dir plécken“** gouf, de 27. Abrëll 2022, an engem Bongert vun der Minett UNESCO Biosphere zu Schéffeng lancéiert. Bei dëser Geleeënheet ass och de **Projet Tutti Frutti**, dee vun Gemengesyndikat PRO-SUD erstallt a vun Landwirtschaftsministère ënnerstëtzt gouf, presentéiert ginn.

Am Laf vun leschte Joersinn, mat der Ënnerstëtzung duerch d'Gemengeverwaltungen, déi **fräi accessibel Kommunal Bongerten** erfaasst an duerno kartographéiert ginn. D'Webkaart, déi esou entstane ass, soll dat **fräit a gratis Asammele vum Uebst** férdere, fir esou de Gaspillage vun dëse lokale Liewensmëttel ze verhënnere.

**ENTDECKT D'BONGERTEN AM SÜDEN**

## MANNER LUUCHT - MÉI BIODIVERSITÉIT



De 17. Mee haten d'Minett UNESCO Biosphere an IMS Luxembourg op eng **Konferenz iwwer Lichtverschmutzung** an der Nuecht invitéiert. De Workshop war an der Industriezon vun **Krakelshaff zu Beetebuerg**, enger vun den am meeschte belichte Plazen an eise ganze Biosphäreservat.

Mat dëser Konferenz sollten Entrepreneuren ugeschwat ginn, **eppes géint d'Lichtverschmutzung z'ënnerhuelen**. Lichtverschmutzung ass eng Gefor fir grouss Deeler vun den Déieren op eise Planéit, gétt awer dacks nach net esou wouer geholl.

**FAKTEN IWWERT D'LICHTVERSCHMUTZUNG**

## MINETT MASH-UP



Mam siwenten Episod, an der Fotografinn Lynn Theisen als Gaascht, ass **déi éischt Saison** vun Wanderpodcast „Minett Mash-Up“ elo **ofgeschloss** ginn. All d'Episode bleiwen awer virun op de gängige Podcast-Plattformen disponibel.

Léiert **kreativ Kënschtler**, **talentéiert Sportler** a **faszinant Wëssenschaftler** kennen a begleet eis Podcast-Crew (nach emol) op Plazen an der Minett UNESCO Biosphere, déi nach laang net jiddereen kennt.

**DÉI KOMPLETT ÉISCHT SAISON**



6, Ellergonn  
L-4114 Esch-sur-Alzette  
LUXEMBOURG

+352 261797-1  
prosud@prosud.lu  
minett-biosphere.com

